

# Courrier de l'Éducation nationale

Le mensuel du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

décembre 2019

# A12

Dans ce numéro :

## LES ACTUALITÉS DU MENJE

Pour en savoir plus.....	2
Nominations.....	2

## À la UNE

Fir eng geliefte Sproochpraxis vum Lëtzebuergesch.....	3
--	---

## Leseförderung - Schulbibliothek - Medienerziehung

Journées du livre et du droit d'auteur 2020.....	4
Klimawandel & BNE - Auswahlbibliographie.....	6
Réckbléck - Journées du livre et du droit d'auteur 2019.....	7
Coups de coeur.....	10

## Publications

Nouvelles publications.....	13
-----------------------------	----

## Brèves

ZpB - Journée de la Mémoire de l'Holocauste.....	14
anefore - Zoom sur les projets scolaires dans le cadre du programme ERASMUS+.....	18

## LE MONDE DE L'ÉDUCATION

### Manifestations

Eltereschoul Janusz Korczak.....	20
----------------------------------	----



## INFORMATIONS UTILES :

2

Le délai pour la remise des annonces à publier est fixé au 15 de chaque mois précédant la publication du CEN.

Les articles ne doivent pas dépasser 2 pages A4 (Times new roman, 12pts, interlinage 1,5) et sont à adresser sous forme électronique (textes au format word, images au format jpeg 72dpi) à l'adresse suivante : [cen@men.lu](mailto:cen@men.lu)

Le MENJE se réserve le droit de modifier voire refuser des contributions externes. Il décline toute responsabilité quant au contenu de ces contributions.

Le CEN paraît 11 fois par an.

Les publications du ministère peuvent être consultées sur notre site: [www.men.public.lu](http://www.men.public.lu)

### Pour en savoir plus

- > Conférence Benelux sur l'éducation au développement durable
- > La Convention internationale des droits de l'enfant fête ses 30 ans

# NOMINATION

Au 1<sup>er</sup> novembre 2019 :  
*Monsieur Laurent GOEDERT a été nommé chargé de direction du CNFPC Ettelbréck*

Au 8 novembre 2019 :  
*Madame Corinne BERMES a été nommée directrice adjointe à la Direction de région 13*

Au 1<sup>er</sup> janvier 2020 :  
*Monsieur Lucien KURTISI est nommé directeur adjoint à la Direction de région 12*

## ÉDITORIAL

Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse  
29, rue Aldringen  
L-2926 Luxembourg

layout: Communication

e-mail: [cen@men.lu](mailto:cen@men.lu)

tél.: +352 247-85114 / 85116

consultez notre site:

<http://www.men.public.lu>





## Fir eng geliefte Sproochpraxis vum Lëtzebuergesch

De 15. November 2019 huet de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, eng kohärent Offer fir d'Léiere vun der Lëtzebuenger Sprooch presentéiert, zesumme mam Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch, Luc Marteling, dem Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch, Marc Barthelemy, der Presidentin vum Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch, Myriam Welschbillig, an dem Grënner vu Spellchecker.lu, Michel Weimerskirch.

D'Lëtzebuenger Sprooch ass en Erfollegsmoedell. Den Interessi un eiser Sprooch ass esou grouss wéi nach ni. Mir schwätzen, liesen a schreiwen op Lëtzebuergesch, net just am privaten, mee och am berufleche Liewen.

### **D'Lëtzebuenger Orthografie: méi kloer, méi kohärent**

De Wëllen, fir korrekt Lëtzebuergesch ze schreiwen, ass an der Lescht an der Lëtzebuenger Gesellschaft ëmmer méi heefeg ëffentlech geäussert ginn. En éischte wichtige Schrëtt war dofir, am Beräich vun der normierter Schrëftsprooch, der Orthografie, eng eenheetlech a kohärent Basis ze schafen.

Dofir steet elo eng Offer un uspriechende Materialien an Online-Outillen zur Verfügung, op déi jidderee kann zeréckgräifen, deen eis Sprooch wëll schreiwe léieren, egal ob am Sproochecours oder am eegestännege Léierprozess. Et handelt sech dobäi ëm d'offiziell Reegelwierk vun der Lëtzebuenger Orthografie, dat aktualiséiert a completéiert gouf, an ëm d'Léierwierk vum Josy Braun, dem Lëtzebuenger Online Dictionnaire an dem Spellchecker.lu, déi och ewell un déi aktualiséiert Schreifweis ugepasst sinn.

### **An der Schoul, an der Erwuessenebildung, digital: eng méi breet Offer, fir Lëtzebuergesch ze léieren**

Niewent de passende Léiermaterialien ass e weidere Schwéierpunkt vun der Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch, eng breetgefächert Offer u Coursen ze schafen, fir eis Sprooch verstoen, schwätzen oder schreiwen ze léieren. Am Enseignement secondaire gëtt dofir, op den ieweschte Klassen, 2021 en neit Fach „Lëtzebuergesch“ agefouert. Déi bestoend Offer u Lëtzebuergesch-Coursen uechter d'Land gëtt ausgebaut an um Institut national des langues gëtt eng digital Plattform mat Online-Coursë geschaf, déi besonnesch den erwuessenen Apprenantë mat berufleche Constraintë wäert entgéintkommen.

All lieweg Sprooch ännert an evoluéiert am Laf vun der Zäit. Wa mir d'Roll vum Lëtzebuergesch an eiser Gesellschaft wëllen nohalteg sécheren, musse mer eise Bléck esouwuel no hanne geheie wéi no vir riichten. No hannen, andeems mer de Räichtum vun eiser Sprooch an hirer Entwécklung dokumentéieren, ënner anerem an engem etymologeschen Dictionnaire an engem Dictionnaire vun den ale Wieder. No vir, andeems mer der Lëtzebuenger Sprooch eng verdéngte Plaz an der virtueller Welt ginn, z. B. am Beräich vun der Sproocherkennung oder vu Sproochassistenten.

Weider Akzenter vun den Efforten, fir eng gäre geliefte Sproochpraxis och weiderhin ze sécheren, sinn am [Pressedossier](#) resuméiert.

Pour en savoir plus : [www.men.lu](http://www.men.lu)



### Journées du livre et du droit d'auteur

20. - 24. Abrëll 2020

### En neien Ufank

Eng Propositioun vum

Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

#### Ëm wat geet et?

Schonn dacks an der Geschicht stoung Mënsche viru ganz neien Erausforderungen an hu missen en neien Ufank woen, z. B. no de Weltkriecher oder no Naturkatastrophen.

Awer och wichteg Erfindungen, technesch Entwécklungen a gesellschaftlech Ännerungen hunn e grouse Wandel mat sech bruecht, esou z. B. d'Erferne vum Buchdruck oder vum Motor, d'Walrecht fir d'Fraen oder och d'Mënscherechtléckung ...

Och a sengem perséinleche Liewe stoung scho bal jiddereen eemol, gewollt oder ongewollt, virun engem neien Ufank, sief et op familiärem, schouleschem oder beruflechem Plang.

Eis aktuell Gesellschaft verännert sech ganz séier a verlaangt, datt mir eis un déi Changementer upassen: et geet drëm, wéi mir matenee liewen an ëmginn, wéi mir ë. a. an de soziale Medie kommunizéieren, wéi mir eis Ressourcë verdeelen a mat eisem Planéit ëmginn.

#### Wat ka gemaach ginn?

Zum Motto vun 2020 bidde sech villerlee Aktivitéiten un, wéi z. B.:

- Texter oder Biografien iwver Leit liesen, déi en neien Ufank hu misse maachen (no engem Kriech, enger Naturkatastroph, enger Flucht, enger Krankheet ...),
- Geschichten iwver Kanner/Erwuessener liesen, déi eng nei Etapp an hirem Liewen uginn (z. B an eng nei Schoul kommen, en neie Familljemember akzeptéieren, eng Trauer iwverwannen, eng nei Aarbecht ufänken, eng nei Partnerschaft aginn ...),
- Bicher iwver Leit behandeln, déi ganz bewusst eppes Neies wollten erliewen (Entdecker, Leit déi hir Liewensweis wollten änneren, eng Weltrees ënnerhuelen ...),
- A Sachbicher nosichen, wéi eng Entwécklungen oder Persounen an der Geschicht en neien Ufank ageleet hunn (d'Elektrizitéit, d'Entwécklung vum Internet, de Martin Luther King, de Gutenberg ...),
- A Sachbicher kucken, wéi eng Momenter an der Geschicht en neien Ufank mat sech bruecht hunn (Weltkriecher, Katastrophen, de Fall vun der Berliner Mauer ...),

- Un Hand vu Sachbicher a vu Geschichten iwverleeën, wou an der Zukunft nei Ufänk néideg sinn a wéi déi kéinten ausgesinn (Ëmwelt- an Déiereschutz, Klima, Nohaltegkeet, Ëmgang an de soziale Medien ...),
- Eege Geschichten opschreiwen oder Fantasiegeschichten erfannen, déi en neien Ufank duerstellen.

Et kann een dozou:

- Geschichte virlesen, beschwätzen, veränneren, weiderspannen, aus enger anerer Perspektiv erzielen ...
- Eng Geschicht als *Lesetheater* ëmschreiwen an/oder opféieren ...
- Eng nei Geschicht erfannen, opschreiwen an illustréieren ...
- asw.

### Wéi kann ee matmaachen?

Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus der Schoulbibliothék sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.

**Umeldung (iwwert de Schoulbibliothecaire): mam Onlineformulaire**  
**<https://tinyurl.com/jdl2020-ef-lux> bis den 13. Mäerz 2020.**

### Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis den 15. Mee 2020 erageschéckt ginn.

**Flott wier et, e klenge schrëftlechen Descriptif vun den Aktivitéiten mat e puer Fotoen ze kréien.** Et wier gutt, wa mir d'Dokumentatioun an digitaler Form (Fotoen an 300 dpi-Printqualität) kënnte kréien. Wa Kanner op de Fotoen drop sinn, da géinge mir d'Enseignantë bieden, d'Autorisatioun vun den Elteren ze froen.

D'Schoulen, déi matmaachen, ginn um Internetsite vun de „Journées du livre et du droit d'auteur “ [www.liesen.lu](http://www.liesen.lu) an am Courrier de l'Éducation nationale 04/2020 ernimmt.

De SCRIPT offrëiert Bicherpräisser un d'Schoulen, déi matmaachen.

Mir maachen an engem spéidere Courrier de l'Éducation nationale e Réckbléck op d'Aktioun.

MENJE – SCRIPT

Promotion de la lecture

Edupôle Walferdange

BP 98

L-7201 Bereldange

Email : [anne-marie.antony@men.lu](mailto:anne-marie.antony@men.lu) / [anne.biesdorf@men.lu](mailto:anne.biesdorf@men.lu)

**Merci fir d'Matmaachen**

### Klimawandel & BNE - Auswahlbibliographie

Im Rahmen der ersten "Foire von der Bildung für nachhaltige Entwicklung" im Oktober 2019 wurde in Zusammenarbeit zwischen dem Zentrum für politische Bildung (ZpB), dem SCRIPT und dem IFEN eine Auswahlbibliographie erstellt. Sie umfasst sowohl Kinder- und Jugendbücher als auch pädagogisches Material zum Thema.

Die Bibliographie ist online verfügbar: <https://zpb.lu/comprendre/bibliotheque-specialisee/> und die Bücher sind in der Bibliothek des ZpB ausleihbar.

Anbei beispielhaft 3 sehr unterschiedliche Kinderbücher zu diesem Thema:



**Kein Plastik für den Wal : Lena kauft unverpackt** / Stephan Sigg; mit Bildern von Anna-Katharina Stahl. - Stuttgart : Camino : Oetinger, 2019. - ISBN 978-3-96157-092-8

Zufällig fällt Lena auf ihrem Schulweg ein neues Geschäft auf: dort wird alles ‚nackt‘, also unverpackt, verkauft. Lena ist begeistert und versucht im Zuge ihres Schulreferats zum Thema Plastik, ihre Familie und ihre Klasse zu dieser anderen Form des Einkaufens zu motivieren. Dass dadurch neue soziale Kontakte entstehen, ist ein willkommener Bonus. Ein kindgerechtes Buch zur Müllvermeidung und zu einem besseren Miteinander.



**Ne change jamais !** / Marie Desplechin ; ill. par Aude Picault. – Paris : l'école des loisirs, 2019. - ISBN 978-2-211-30462-7

Un appel aux jeunes à rester actifs et à garder l'esprit ouvert. Pour plusieurs défis actuels dans le contexte de la protection du climat (manger, voyager, habiter, ...) l'auteur propose une histoire courte, une info factuelle et un appel à agir pour un monde meilleur. Une prise de conscience pour les enfants qu'ils peuvent changer quelque chose en restant créatifs et un peu rebelles.



**Wie viel wärmer ist 1 Grad? : was beim Klimawandel passiert** / Kristina Scharmacher-Schreiber, Stephanie Marian. - Weinheim : Beltz, 2019. - ISBN 978-3-407-75469-1

Die Hintergründe des Klimawandels werden in kleinen Texten und mit hilfreichen Illustrationen facettenreich erklärt. Das Buch ermöglicht Kindern zu verstehen, was hinter einzelnen Begriffen steckt, aber auch wie unser alltägliches Handeln sich auf das Klima auswirkt.



### Réckbléck op d'Journées du livre et du droit d'auteur 2019

### D'Thema vun den Journées du livre et du droit d'auteur 2019 war: Mat alle Sënner liesen

Ronn 40 Schoulen hu bei dëser Aktioun matgemaach. Flott Projete sinn an deem Kontext mat de Schüler realiséiert ginn.

Dobäi hunn d'Enseignantë Wäert drop geluecht, datt d'Geschichte mat alle Sënner konnten erfaasst ginn.

Zu deenen eenzelne Sënner hu si interessant Bicher agesat a sech villsäiteg Aktivitéiten ausgeduecht.

### Lauschteren



D'Schüler hu Geschichten nogelauschtert, déi hinne vun den Auteure selwer, vu méi grouse Schüler oder vum Enseignant virgelies goufen. Dat war e besonnesch spannend Erleefnes, wann et mat verbonnenen Aen geschitt ass.

Och Hörspiller (via CD, Onilo, Tiptoi, Anybook Reader, ...) sinn zum Asaz komm. D'Schüler hu souguer selwer Geschichten a Gedichter als Hörgeschichten opgeholl, oder als Klanggeschichte vertount.

D'Geschichte vun der "Hexe Zwicke Zwacke", vun de "Bremer Stadtmusikanten" oder d'Buch "Le petit chasseur de bruits" hu sech dofir ugebueden.

D'Kanner hu Geräischkëschten entdeckt, Reimer a Gedichter virgedroen, Lidder zu enger Geschicht erfionnt a souguer Morse-Coden decodéiert.

### Fillen



Och zu dësem Sënn si vill verschidden Aktivitéite realiséiert ginn. Bicher, déi erausgestach hunn, waren "Sieben blinde Mäuse" an "Das schwarze Buch der Farben".

Vill Kanner hunn d'Blanneschrëft entdeckt, a probéiert, se selwer unzewenden. Taaschtspill, Taaschtmemory a Sënnescourse mat Hänn oder Féiss sinn zum Asaz komm, fir Géigestänn aus

enger Geschicht ze ertaaschen. Et gouf mat Taascht-, Fill- a Klappebicher geschafft, an et sinn der selwer gemaach ginn.

Zeeenen aus Geschicht sinn nogespillt gi mam Zil, sech an de Personnage aus der Geschicht (z.B. d'Pippi Langstrumpf) eranzefillen. Biller si gemoolt ginn, fir d'Stëmmung vun enger Geschicht erëmzeginn.



### Schmaachen



Bei dësem Sënn sinn natierlech Geschichten, an deene gebak oder gekacht gëtt, genotzt ginn. Bei enger Elmar-Geschicht si Kichelcher gebak ginn, bei "Eine Geburtstagstorte für die Katze" Paangecher, bei "La petite poule rousse" e Brout a beim Märchen "Steinsuppe" gouf et natierlech eng Zopp. Och "Bertie Botts Bohnen" an nach aner "Leckereien" aus dem Harry Potter goufe ganz couragéiert geschmaacht.

Vill Klassen haten déi flott Iddi, Schmaachspill a Schmaachateliere mat verbonnenen Aen unzebiden oder Kachbicher zesummenstellen; et ass Téi a Kraiderbotter gemaach ginn, an d'Kanner hu Rezepten aus anere Länner ausprobéiert.



### Kucken



Déi Kleng hunn zu dësem Sënn Wimmelbicher benotzt. Hei heescht et jo konzentriert ze kucken an ze sichen.

Déi méi Grouss hunn d'Gebärdesprooch kenne geléiert, optesch Täuschungen entdeckt an ënnersicht, wéi d'Déiere gesinn.

D'Kanner hu Geschichten (nei) illustréiert a Pousteren oder Collagen zu enger Geschicht oder engem Buch realiséiert. Videoen zu engem Thema goufe gekuckt an eng Geschicht, déi an e puer Etappen zerschnidde gouf, huet rëm misse richtig zesummegeat ginn. E Schattentheater ass hiergestallt ginn, an d'Géigestänn aus der Geschicht hu misse gerode ginn.

### Richen



Doftbicher gëtt et antëscht eng Rei, z. B. "Les trésors de la nature, ses couleurs et ses odeurs", oder "Der stinkende Geißbock". Dës sinn an etleche Klassen zum Asaz komm.

Donieft goufe Richspiller organiséiert, Gewierzer genotzt a Saachen aus de Geschichte gericht. E puer Klassen hunn esouguer selwer e Richbuch gemaach.



Et sinn awer och vill Aktivitéite realiséiert ginn, déi méi Sënner gläichzäiteg ugeschwat hunn. Geschichte goufen erfondt, ëmgeännert, als Daumekino illustréiert an nogespillt. Et gouf gebastelt a mat Apps geschafft.

A ganz ville Schoulen sinn Ausstellunge mat Bicher zu de 5 Sënner gemaach ginn, déi d'Kanner mat vill Begeescherung entdeckt hunn.



Dëst war e kuerze Resumé vun den Aktivitéiten aus den Dokumentatiounen, déi zum Thema vun de Journées du livre et du droit d'auteur 2019 "Mat alle Sënner liesen" op de Script erageschéckt goufen.

Mir hoffen, dat och 2020 nees vill Schoule matmaachen.





**Papy, il neige !** / Sam Usher ; traduction, Véronique Mercier-Gallay. - Paris : Little Urban, 2015. - Titre original : Snow. - ISBN 978-2-36577-612-7

Deutsche Übersetzung: Mein Schneetag / Sam Usher; deutsche Fassung von Seraina Staub. - Zürich : Atlantis-Verlag, 2015. - ISBN 978-3-7152-0697-4

La première neige est tombée et le petit garçon est impatient d'en profiter et de rejoindre ses amis au parc. Or son papy prend tout son temps pour être prêt à sortir. Pendant ce temps le garçon observe les autres qui se rendent déjà au parc.

Quand lui et son grand-père arrivent enfin au parc, ils y trouvent de la compagnie inattendue.

Un livre sur la neige, les relations entre générations, la notion du temps, la patience - et l'humour.

Les jeunes lecteurs dès le cycle 1 s'identifieront au petit garçon impatient.

Ils sont invités à bien observer les images pleines d'humour de l'album et à anticiper la suite de l'histoire. À la première lecture, ils s'attendent probablement à un autre dénouement.

L'auteur a également publié des albums sur les 3 autres saisons.

**Hiver** / Philippe de Kempter. - Bruxelles : Alice jeunesse, 2016. - ISBN 978-2-87426-304-0

Il a neigé pendant la nuit et au matin un petit garçon sort dans la forêt enneigée. Il y croise - un bonhomme de neige.



Les deux s'amuse à jouer dans la neige et ils deviennent amis. Mais à l'approche du dégel, le bonhomme risque de fondre. Les deux amis cherchent donc des alternatives, mais aucune n'est vraiment viable.

Un jour chaud, le bonhomme est finalement parti.

Avec peu de texte, cet album traite de l'amitié, mais aussi de l'imagination des petits enfants. Les jeunes lecteurs dès le cycle 1 comprendront l'importance d'amis imaginaires.

Anne-Marie Antony

SCRIPT - promotion de la lecture



**Ingénieuse Eugénie** / Anne Wilsdorf. - Genève : La joie de lire, 2017. - ISBN 978-2-88908-233-9

La petite Eugénie est une fille pleine d'idées et d'entrain. Elle habite sur l'île des Oubliés, que personne ne visite jamais. Se promenant un jour au bord de la mer avec son petit frère Nestor, elle aperçoit au large une île mystérieuse qui disparaît, aussi vite qu'elle est apparue, sous un gros nuage.

Eugénie est saisie par l'envie d'explorer cette île, malgré l'hésitation de ses parents. Car eux aussi, étant jeunes, croyaient à l'existence de l'île de Nullepart. Mais au fil des années ils ont cessé d'y penser et ont arrêté d'en rêver.

Pour Eugénie, il est toutefois hors de question d'oublier l'île de Nullepart. Avec Nestor, elle se met à rassembler des outils pour construire un pont qui relie les rochers menant à l'île. Une aventure ingénieuse pleine de rencontres, d'épreuves et de nouvelles amitiés les attend. Arriveront-ils au bout de leur périple ?

Un livre aux adorables illustrations très parlantes, rempli de moments forts, qui incitera les jeunes lecteurs à partir du cycle 3.2 à ne pas renoncer à leurs rêves et à surmonter les obstacles que la vie déposera sur leur chemin.

*Anne Biesdorf*

*SCRIPT-promotion de la lecture*



**Les petites (et les grandes) émotions de la vie** / Montse Gisbert. - Bruxelles : Alice, 2016. - (Histoires comme ça). - ISBN 978-2-930182-85-8

Toutes les émotions qu'un enfant peut ressentir sont décrites dans ce petit livre avec des mots tendres. Chaque double page est consacrée à un sentiment, qui est expliqué aussi bien par des mots que par une illustration. Les petits textes sont très poétiques et faciles à lire.

L'ouvrage se prête à des discussions avec des enfants de tous les cycles et il peut être lu par les enfants-mêmes à partir du cycle 3.2.

*Eugenie Graff-Schaus*

*SCRIPT-promotion de la lecture*



**Ce qui nous rassemble** / texte de Noé Carlain; images de Sandra Poirot Cherif. - Voisins-le-Bretonneux, 2016. - 43 p. - (Mes petites collections). - ISBN 978-2-3550-4435-9


L'on parle souvent des différences entre les êtres humains. Voici un petit ouvrage qui réunit toute une série d'activités que font beaucoup d'enfants - et parfois des adultes - peu importe leur origine.

Chaque activité n'est décrite que par une phrase simple et douce, certaines sont complétées en plus par une image, mais chacune prête amplement à discussion avec des enfants. Ces derniers s'amuseront à trouver d'autres activités qui sont communes à tous les enfants.

Le but de l'ouvrage - comme celui de nombreux ouvrages de cet éditeur - est de nous inciter à une plus grande ouverture d'esprit et d'aller au-delà de nos différences. Le livre peut intéresser des enfants dès le cycle 2.

*Anne-Marie Antony*

*SCRIPT - promotion de la lecture*



### Bilans intermédiaires du développement des compétences : base légale - glossaire - compétences visées prioritairement



disponible en ligne : [www.men.lu](http://www.men.lu)

### Jahresbericht zur Arbeit der Mosaikklassen: Prävention von Schulverweigerung



disponible en ligne : [www.men.lu](http://www.men.lu)

### Les épreuves communes à la fin du 4<sup>e</sup> cycle de l'enseignement fondamental / Die nationalen Leistungstests am Ende des 4. Zyklus der Grundschule



disponible en ligne : [www.men.lu](http://www.men.lu)

**Trouvez toutes nos publications sous :**

<http://www.men.lu>



## Journée de la Mémoire de l'Holocauste et de la prévention des crimes contre l'humanité

Depuis 2017, le Zentrum für politisch Bildung, le SCRIPT et l'IFEN organisent en coopération avec le CNA et le Luxembourg City Film Festival des activités pédagogiques dans le contexte de la Journée de la Mémoire de l'Holocauste et de la prévention des crimes contre

l'humanité. Il s'agit de **sensibiliser les jeunes aux dangers de l'intolérance, de la haine raciale/religieuse et de l'ignorance des génocides**. Nous voulons également les inciter à s'engager contre les stéréotypes, les clichés et la violence.

Pour 2020, nous avons programmé la **projection des films**

« **Wunderkinder** » (12+) et « **Lore** » (15+) en coopération avec plusieurs cinémas régionaux. Cette offre s'adresse à des élèves de l'enseignement secondaire (ESC/ESG).

L'inscription aux séances et à la formation continue est obligatoire [sous ce lien](#) ou à l'adresse [romain.schroeder@zpb.lu](mailto:romain.schroeder@zpb.lu)

Le programme complet et détaillé de la Journée de la Mémoire de l'Holocauste 2020 se trouve en annexe.

En cas de questions, n'hésitez pas à nous contacter (Romain Schroeder au 24 77 52 14 ou à l'adresse [romain.schroeder@zpb.lu](mailto:romain.schroeder@zpb.lu)).

### Programme des matinées de cinéma :

**Wunderkinder (DE) (12+)**

20.1. Dudelange, CNA

22.1. Grevenmacher, Kulturhuef

24.1. Luxembourg, Cinémathèque

27.1. Diekirch, Ciné Scala

29.1. Wiltz, Prabbeli

31.1. Esch, Kufa

Lore (DE & SST FR.) (15+)

20.1. Dudelange, CNA

22.1. Echternach, Ciné Sura

24.1. Grevenmacher, Kulturhuef

27.1. Diekirch, Ciné Scala

29.1. Esch, Kufa

31.1. Luxembourg, Cinémathèque

### Déroulement des matinées :

- 8h00 : Accueil des classes
- 8h15 : Introduction
- 8h30 : Début de la projection
- À la fin du film : Animation par un membre de l'équipe du ZpB
- 12h30 au plus tard : Fin de la matinée

L'offre complète et de plus amples informations se trouvent sur [notre site](#).

Inscription des classes jusqu'au **15 janvier 2020** (entrée gratuite).


### Formation continue :

Outre les séances de cinéma, nous proposons la formation continue « **Judentum und Antisemitismus in Luxemburg. Zwischen Anerkennung und Exklusion** ». Cette formation aura lieu le lundi 20 janvier 2020 de 16h00 à 18h00 à l'IFEN à Walferdange.

### Contact :

Romain Schroeder au (+352) 24 77 52 14 ou à l'adresse [romain.schroeder@zpb.lu](mailto:romain.schroeder@zpb.lu)

# JOURNÉE



DE



LA  
MÉMOIRE



Programme  
scolaire  
—  
Du 20 janvier  
au 7 février  
2020



DE

# L'HOLOCAUSTE

et de la prévention des crimes contre l'humanité

# 27.01

### Séances de cinéma scolaires

8:15 → 12:30

#### Lore (V.O. DE ST. FR) (15+)

- 20.1 Dudelange, CNA
- 22.1 Echternach, Ciné Sura
- 24.1 Grevenmacher, Kulturhuf
- 27.1 Diekirch, Ciné Scala
- 29.1 Esch, Kufa
- 31.1 Luxembourg, Cinémathèque

#### Wunderkinder (V.O. DE) (12+)

- 20.1 Dudelange, CNA
- 22.1 Grevenmacher, Kulturhuf
- 24.1 Luxembourg, Cinémathèque
- 27.1 Diekirch, Ciné Scala
- 29.1 Wiltz, Prabbeli
- 31.1 Esch, Kufa

### Séances de cinéma publiques

20:00

#### Zug des Lebens (DE)

- (Train de vie)  
29.1 Grevenmacher, Kulturhuf

20:30

#### Nuit et brouillard (V.O. FR ST. EN)

- 31.1 Luxembourg, Cinémathèque

Editeur responsable: Fondation Zentrum fir politesch Bildung – Conception graphique: Studio Mich Weiringer

### Lectures

Séances scolaires

#### Marisha, d'Meedchen aus dem Faass

Lecture pour enfants à partir du cycle 4  
par Roland Meyer, auteur et instituteur.

#### Anne Frank: Das Tagebuch

Lecture scénique pour jeunes à partir de 12 ans  
par Fabienne Hollwege, actrice.

Dates à convenir – inscrivez-vous sur [zpb.lu](http://zpb.lu)

Organisé par



### Formation continue pour enseignant(e)s

Pour enseignant(e)s

16:00 → 18:30

#### Judentum und Antisemitismus in Luxemburg. Zwischen Anerkennung und Exklusion.

- 20.1 Walferdange, IFEN

Inscription obligatoire pour les séances scolaires de cinéma et pour la formation continue sur [zpb.lu](http://zpb.lu)

Offre supplémentaire sur [zpb.lu](http://zpb.lu)  
Rencontre avec Gerd Klestadt, témoin de la Shoah  
Bibliographie de livres pour jeunes au sujet de l'Holocauste

Avec le soutien de



Comité Auschwitz Luxembourg



## Zoom sur les projets scolaires dans le cadre du programme Erasmus+

La Commission européenne a publié l'appel à propositions 2020 du programme Erasmus+. Le budget disponible pour le Luxembourg s'élèvera à plus de 7 millions d'euros et permettra de financer encore plus de projets d'éducation, de formation et de jeunesse.

L'année 2020 est la dernière année du programme phare de l'Union européenne en faveur de la mobilité et la coopération en matière d'éducation, de formation, de jeunesse et de sport. Le programme actuel, ainsi que son successeur qui entrera en vigueur en 2021, est destiné à jouer un rôle clé pour faire de l'Espace européen de l'éducation une réalité d'ici 2025.

Dans le secteur de l'enseignement scolaire, Erasmus+ vise à améliorer la qualité de l'enseignement et de l'apprentissage dans toute l'Europe, du niveau fondamental au secondaire. Les activités soutenues par le programme européen peuvent ainsi contribuer à l'atteinte des objectifs fixés dans le cadre du Plan de développement de l'établissement scolaire (PDS). En effet, le financement Erasmus+ est lié à l'intégration des projets à une stratégie plus large de développement et de modernisation de l'établissement scolaire.

Grâce au programme Erasmus+, les établissements scolaires peuvent notamment demander un financement européen pour offrir à leurs personnels enseignant et éducatif l'opportunité de suivre des formations à l'étranger (cours structurés, job shadowing) ou d'enseigner dans une école partenaire en Europe.

De même, les écoles et lycées luxembourgeois peuvent établir des partenariats avec un ou plusieurs établissements scolaires en Europe dans le cadre des échanges scolaires Erasmus+. Ce type de projets permet aux équipes éducatives et aux élèves de travailler ensemble sur des thématiques communes et de créer des conditions idéales pour des rencontres mutuellement enrichissantes. Les échanges de bonnes pratiques et l'expérimentation de méthodes innovantes peuvent aussi porter sur la collaboration avec d'autres domaines de l'éducation et de la formation.

L'expérience de mobilité européenne est d'ailleurs proposée non seulement aux élèves dans le cadre de séjours scolaires, mais également aux lycéens en formation professionnelle. Ces derniers peuvent bénéficier de bourses pour effectuer des périodes de stage à l'étranger. De nombreux enseignants ont pu constater que grâce à leur séjour Erasmus+, les élèves ont développé non seulement leurs aptitudes professionnelles, mais aussi leurs compétences interculturelles, linguistiques et personnelles. Les stagiaires

de la formation professionnelle, quant à eux, affirment que leur expérience de mobilité européenne les a rendus plus autonomes et motivés dans leur choix de carrière.

Dans le cadre de l'appel à propositions 2020, pour lequel les candidatures devront être soumises entre les mois de février et mars 2020, l'équipe de anefore se tient à la disposition des futurs candidats pour les accompagner dès à présent dans la préparation de leur demande et leur offrir le meilleur soutien possible à travers son conseil et assistance personnalisés.

Par ailleurs, les plateformes européennes [eTwinning](https://www.etwinning.net)\* et [School Education Gateway](https://www.schooleducationgateway.eu)\*\* apportent un soutien supplémentaire aux porteurs de projets scolaires Erasmus+. Tous les enseignants intéressés peuvent y chercher des inspirations de projets, et peut-être trouver de nouveaux collaborateurs européens.

\* [www.etwinning.net](https://www.etwinning.net)

\*\* [www.schooleducationgateway.eu](https://www.schooleducationgateway.eu)

Communiqué par anefore asbl

Courriel: [info@anefore.lu](mailto:info@anefore.lu)

Tél: 2478 5289

[www.anefore.lu](https://www.anefore.lu)



## École des Parents J. Korczak



### Programme Janvier-Février 2020

<u>Date</u>	<u>Thème /Langue</u>	<u>Intervenant/Collaboration</u>
Mardi, 17.12.19 9:30 Eltereschoul, 92, Grand-Rue, Clervaux	Elterekaffi Rencontre pour parents (FR/LU)	Véronique Nilles, Educatrice graduée, Coordinatrice Eltereschoul Norden
Mercredi, 15.01.20 19:00 Crèche Charly, 128, rue de l'Eglise, Alzingen	Jouer c'est grandir Soirée pour parents (FR)	Klaus Elgas, Educateur gradué Crèche Charly
Mercredi, 22.01.20 17:30 MR Heemelmaus, 57, rue Zénon Bernard, Esch/Alzette	La puberté – une aventure Soirée pour parents (FR)	Nancy Holtgen, Educatrice graduée MR Heemelmaus
Mittwoch, 22.01.20 09:30 EltereCafé, 1, rue L. Pasteur, Esch/Alzette <a href="#">1. Datum</a>	GroussEltereCafé Groupe de parole fir Grousselteren (LU) <a href="mailto:tania.hemmer@kannerschlass.lu">Infoen an Aschreiwung : tania.hemmer@kannerschlass.lu</a>	Tania Hemmer, Educatrice graduée, Coordinatrice Eltereschoul Esch Klaus Elgas, Educateur gradué, Coordinateur Eltereschoul Lëtzebuerg
Jedi, 06.02.20 20:00 Ciné Le Paris, 12, rue de la Gare, Bettembourg	« Maman ou Papa » Film suivi d'une discussion libre (FR)	Ana Luisa Carrilho, Educatrice graduée, Coordinatrice Eltereschoul Sud Maison Relais Sonnevavillon
Donnerstag, 06.02.20 19:00 Resonord, 1, Hauptstrooss, Brandenbourg	Wéi léieren ech doheim mat mengem Kand Elterenowend (LU)	Gilles Morbé, Educateur gradué RESONORD
Mercredi, 12.02.20 17:00 Crèche Louklëppler, Campus scolaire, Reuler	L'enfant et les écrans Soirée pour parents (LU avec trad. en FR)	Klaus Elgas, Educateur gradué Crèche Louklëppler

Ceci n'est qu'un aperçu des manifestations pour parents que nous organisons un peu partout dans le pays.

Pour votre information, notre programme est complété et actualisé toutes les semaines sur internet sous: <http://www.kannerschlass.lu/eltereschoul/index.html>

### De GroussEltereCafé AM ELTERECAFÉ

*De Rendez-Vous fir all Grousselerten,  
déi méi iwwer Erzéiung wësse wëllen*



#### ADRESSE:

*EltereCafé - Café des Parents  
1, rue Louis Pasteur L-4276 Esch/Alzette*

#### INFOS AN INSCRIPTIOUN

PER MAIL

*Eltereschool J. Korczak Antenne Esch  
[tania.hemmer@kannerschlass.lu](mailto:tania.hemmer@kannerschlass.lu)*

*D'Aschreiwung ass gratis a jiddereen ass wëllkomm*

*Dese Projet ass eng Zesummenaarbecht vun der Eltereschool an dem Club Haus Beim Kiosk Schëffleng sou wéi dem Mosaïque Club Esch/Alzette*



**Datum/Auerzäit:**

**Ëmmer Mëttwochs**

**22/01/2020**

**11/03/2020**

**06/05/2020**

**01/07/2020**

**Vun 09:30-11:30 Auer**

**Zil ass:**

- **den Austausch ënnereneen ze fërderen**
- **Diskussiounen iwwer d'Thema Erzéiung am Joer 2020 ze lancéieren**
- **d'Roll vun de Groussel-tere gëschter an haut ze definéieren**
- **aner méi spezifesch Theme ronderëm d'Erzéiung unzeschwätzen**